



N°4747
Entrée le 11.09.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.09.2026
Chambre des Députés

Monsieur Claude Wiseler
Président de la
Chambre des Député.e.s
Luxembourg

Luxembourg, le 11. September 2026

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Verdeedegung weiderzeleeden.

An hirer Äntwert vum 22. Dezember 2025 op d'parlamentaresch Fro n°3229 iwwert d'Initiativ „Central Northern European Military Mobility Area“ (CNE MMA) huet d'Madamm Ministesch matgedeelt, datt eng Etüd géif gefouert ginn, fir ze préiwen, ob déi bestoend national Infrastrukturen och méttel- a laangfristeg de verschiddenen zivillen a militäresche Besoine gerecht ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Madamm Ministesch folgend Froe stellen:

- 1. Wou ass dës Etüd aktuell drun? Ass si méttlerweil ofgeschloss oder wéini ass mat hirem Ofschloss ze rechnen? Leien der Regierung schonn éischt Resultater oder Tëscheconclusiounen vir, wat eventuell néideg Infrastrukturupassungen ugeet?**
- 2. Wéini ass mat enger Bewäertung vun de finanziellen Auswierkunge vun eventuell néidegen Infrastrukturupassungen ze rechnen?**

Mat déiwem Respekt,

Sam TANSON
Députée